



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

Réponse de Monsieur le ministre de l'Économie, Franz Fayot, à la question parlementaire n°5643 du 1er février 2022 de Monsieur le Député Roy Reding au sujet du recensement national 2021

De STATEC informéiert op Nofro hin dass d'Bedeelegung um Recensement 2021 de Moment bei iwwer dräi Véierels vun der Gesamtbevëlkerung läit. D'Zielen an Auswäerte vu de Pabeier- an elektronische Questionnairen ass awer nach net ganz fäerdeg, de Participatiouns-Taux wäert also nach liicht klammen, well d'Questionnairen déi direkt un de STATEC geschéckt goufen nach net all gezielt sinn.

De STATEC wäert an der zweeter Hallschent vum Joer 2022, wann all d'Questionnaire veraarbecht sinn, Informatiounen iwwer d'Bedeelegung um Recensement publizéieren.

Allerdéngs gëtt, wéi fir fréier Vollekszielungen, iwwert de Registre National des Personnes Physiques (RNPP) déi ganz Bevëlkerung gezielt. Et ass esou dass déi ganz Bevëlkerung aus dem RNPP op dem Datum vum 8. November 2021 vum STATEC berécksiichtegt gëtt. De STATEC wäert esou fir all Awunner déi demografesch Charakteristiken hunn (Adress, Geschlecht, Gebuertsdatum, Nationalitéit, Gebuertsland a Familljestand). Well de STATEC zousätzlech och IGSS-Date benotzt, wäert en och d'Informatiounen hunn, ob eng Persoun déi bei der CNS ageschriwwen ass schafft oder net. Zousätzlech kann de STATEC iwwert de Registre des Bâtiments et des Logements verschidde Charakteristiken iwwer d'Wunnengen erëmfannen.

D'Daten, déi bei der Vollekszielung 2021 gesammelt goufen, wäerten also tatsächlech representativ fir d'Lëtzebuurger Gesellschaft sinn. Fir Variabelen, wou dat net de Fall wier, went de STATEC statistesch Techniken un, fir déi Representativitéit ze garantéieren.

Fir Persounen, déi net op d'Vollekszielung geäntwert hunn, huet de STATEC d'Méiglechkeet fir eventuell d'Moosnamen ze huelen, déi am Artikel 15 vum STATEC-Gesetz virgeschriwwen sinn: « Le refus de fournir les renseignements demandés, le refus de les fournir dans le délai prescrit ainsi que le fait de fournir intentionnellement des renseignements inexacts ou incomplets est passible d'une amende de 251 euros à 2.500 euros. Le paiement de l'amende ne dispense pas de la fourniture de l'information demandée. » Zu dësem Zäitpunkt ass nach keng Decisioun geholl ginn zu der Uwendung vun dësen Moosnamen.

Eréischt wann géint Enn 2022 all d'Donnéeë veraarbecht sinn an déi administrativ Donnéeë mat den Donnéeën déi iwwer d'Questionnaire gesammelt goufe fusionéiert sinn, kann de STATEC den demografesche Profil vun deene Leit opstellen, déi net geäntwert hunn (Alter, Geschlecht, Nationalitéit a Gebuertsland).

Luxembourg, le 02/03/2022

Le Ministre de l'Économie

(s.) Franz Fayot